Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Question écrite n°4924

Situation du directeur et de la directrice adjointe du Lycée de Clervaux

Déposée par: Eicher Emile, Marques Ricardo
Adressée à: Meisch Claude, Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Déclarée recevable le: 14.10.2026
Date limite de réponse: 13.11.2026

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Esou wäit mir informéiert sinn, üben den Direkter an d'Direktesch-adjointe vum Lycée zu Klierf hir jeeweileg Funktiounen zanter ronn dräi Joer nëmmen als « faisant fonction » aus.

Dës Situatioun werft Froen op, besonnesch am Hibléck op déi berufflech a finanziell Nodeeler, déi mat esou engem Statut verbonne kënne sinn, obwuel déi concernéiert Persounen d'Verantwortung vun hire Funktioune scho säit méi Joren iwwerhuelen.

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt den Direkter an d'Direktesch-adjointe vum Lycée zu Klierf zanter ronn dräi Joer hir Funktiounen als « faisant fonction » ausüben?

2. Wat sinn d'Grënn, firwat déi zwou Direktiounsposten iwwer esou eng laang Zäit net definitiv besat goufen? Goufen et an deem Zesummenhang administrativ, juristesch oder organisatoresch Problemer ?

3. Bis wéini plangt den Här Minister, dës Situatioun ze réglementéieren an déi zwee Direktiounsposten definitiv ze besetzen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4924 vun den honorabelen Deputéierten Emile Eicher a Ricardo Marques

1. **Kann den Här Minister confirméieren, datt den Direkter an d'Direktesch-adjointe vum Lycée zu Klierf zanter ronn dräi Joer hir Funktiounen als « faisant fonction » ausüben?**
2. **Wat sinn d'Grënn, firwat déi zwou Direktiounsposten iwwer esou eng laang Zäit net definitiv besat goufen? Goufen et an deem Zesummenhang administrativ, juristesch oder organisatoresch Problemer ?**
3. **Bis wéini plangt den Här Minister, dës Situatioun ze réglementéieren an déi zwee Direktiounsposten definitiv ze besetzen?**

Ech ka confirméieren, datt am Lycée Edward Steichen zu Clierf zanter ronn dräi Joer d'Funktioun vum Direkter duerch ee vun den Adjointë „faisant fonction" ausgeüübt gëtt, wouduerch dem concernéierten Adjoint seng Funktioun vun engem aneren Agent „faisant fonction" iwwerholl ginn ass.

Datt dës zwee Posten als „faisant fonction" assuréiert ginn, läit weeder un engem administrativen nach un engem juristeschen oder organisatoresche Problem, mee kënnt aleng doduerch, datt den aktuellen Direkter vum Lycée sech an enger lafender Procédure disciplinaire am Stade vun der Instruktioun beim Commissaire de gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire befënnt an eng Administratioun an aller Logik just een Direkter kann hunn. Donieft gesäit dat modifizéiert Gesetz vum 13. Juni 2013 "*portant création d'un lycée à Clervaux*" just zwee Adjointsposte vir déi allen zwee besat sinn. Doduerch ka souwuel de Poste vum Direkter wéi och dee vun engem vun den Adjointen just intérimaire besat ginn.

Iwwert eng potentiell Neibesetzung vum Direkterposte kann eréischt entscheet ginn, wann d'Instruktioun vum Commissaire ofgeschloss an de Conseil de discipline gegeebenefalls eng Decisioun geholl huet.

Lëtzebuerg, den 13. November 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH